Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 05/03/2026

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir den Interieur weiderzeleeden.**

Laut engem WORT-Artikel vum 11te Februar wëll d'Gemeng Miersch den Titel vun enger „Stad" zouerkannt kréien. D'Gemengegesetz gesäit vir, datt d'Bezeechnung „Ville" duerch Gesetz attribuéiert gëtt. Dësen Titel ass awer just "honorifique" a gëtt der Gemeng keng spezifesch Privileegien.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Fro stellen:

1. Wäert d'Regierung d'Gesetz upassen, fir Krittäre festzeleeën, déi de Statut vun enger Stad definéieren?
   Falls d'Regierung dat net wëll, wäert een op de Wee goen, dass d'Gemengen einfach selwer entscheede kënnen, ob si sech Stad wëllen nennen?
   Falls nee, firwat net?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés